Diddeléng a schwéieren Zäiten

Preisesch Okkupatioun VIII Bilanzen (Eumsiedlung) 2/

An onser leschter Sendung hu mir gesot, dass een d'preisesch Okkupatioun a 5 grouss Episoden kéint andeelen. Déi éischt war d'Evakuatioun. Déi zweet den obligatoreschen Wehrdingscht an der preisescher Wehrmacht an déi drëtt d'Eumsiedelen vu lëtzebuerger Famillen. Mir hun deiselwecht Tech gebraucht fir ze erënneren wat dem Okkupant fir Argumenter wahrscheinlech gedéngt fir des Famillen em hiert Vermeegen ze breengen a sie an Deitschland ze déportéieren. An hieren Argumenter war et keng direckt Strof mä et waren Leit ob déi sie sech net konnte verlossen an déi dierften deemno net op de Grenzen vum grouss deitschen Reich ze wunnen. Wéi sie mat dese Leit awer bei der Déportatioun ëmgesprongen sinn, besonnesch Vermeegen äwerfall a Flucht 2 Sënn gelooss fir aner Leit hu mir an der leschter Emissioun erzielt. Wéi Schwéier verbriecher si se vu Wehrmachtspatrouillen a Gestapo Männer ugehalt ginn an esou och fortgefouert ginn. D'Preisen haten awer mat System an des Eumsiedlung besser gesot Aussiedlung organiséiert an dofir wëlle mir kuerz drunner erënneren. Wann een d'Lëschten vun den Eumsiedler kuckt da gesäit een, dass et guer keen Zoufall war dass dës oder déi Famill eumgesiedelt gouf. Déi meescht Lëtzebuerger déi am éischten a Fro kummen waren déi déi e bestëmmte Vermeegen haten. Dat konnt se natierlech net mathuelen an dofir haten d'preisesch Collaborateuren schon e Bleeck drop geworf. Et geet ënnen un. All Ortsgruppeleiter

Mir zu Diddeléng haten der zwéi de Reuter an de Schannes. Also all Ortsgruppeleiter krut den Opdrag senger Kreisleitung déi Leit matzedeelen déi eng pro lëtzebuergesch patriotesch Haltung hätten also net deitschfrëndlech agestellt. Mir haten 4 Kreisleitungen. Dat waren Lëtzebuerg, Esch, Diekrech a Grevemacher. Des Informatiounen sin dann vun enger Spezialkommissioun ënnersicht ginn. Deser Kommissioun hun ugehéiert de Kreisleiter, de Landrat, e Vertrieder vun der Gestapo a Vertrieder vu politeschen Organisatiounen. Décisiounen sin vun dem Kreisleiter der Gestapo matgedeelt ginn, an déi dann d'Eumsiedlung preparéiert an duerchgefouert huet. Mir gesinn also hei schon, wann de Reuter oder de Schannes ëngem Diddelénger gäär lass wär oder léiz him net gefall huet oder

geschwat ob een mer oder hien oder e Parteigenossen en A ob dem Betreffenden säin Haus oder Vermeegen hat, an et duer gaangen dass sie ~~ugg. fondabel Begreffer, net deitschfeindlech Verhalen hatten~~, e Bericht ze verfaasst hun andeem de Betreffenden als net deitschfrëndlech duergestallt gouw. D'Verbriechen iwwert d'Ëmsiedlung ass deemno vun den Ortsgruppeleiter ausgaangen, dat dann de Kreisleiter exécutéiert huet. D'Nimm vun de Kreisleiteren waren fir Lëtzebuerg de Schreeder, zu Esch den Diehl; zu Dikrech de Jacobs an zu Gréiwemaacher de Cresto a speider den ~~Ke~~ Eiber. Sie alle 5 gouwen den 22 Juni 1950 zu 15 respektiv 17 Joer Zwangsarbecht kondamnéiert, mä komescher Weis hu sie dës Joeren net missen sëtzen, Firwat? Et ware schon méi decker an déi och schon mancher iwwert méi déck Lëtzebuerger worden, wéi déi kleng d'Ortsgruppeleiter, déi de Knecht gemaach hun, hun och missen d'Pan bleechen.

Speider wéi ~~déi~~ d'Anzéien an d'Wehrmacht den 30 August 1942 proklaméiert war, an méi Jongen déserteiert sin an de Gestapo d'Sippenhaft agefouert huet, war e wesentlech anert Argument derbäi komm fir Familjen anzesiedlen. Doun huet de preisesche Slogan gedeecht: "Jeder Deserteur siedelt seine Familie um."

Nach eng Parenthèse iwwer d'Organisatioun vun der Ëmsiedlung. Mir hate jo an der viregter Sendung erzielt dass muerges fréi d'Gestapo d'Leit aus de Better gerabbelt huet, hinnen 2 Stonne gelooss fir dat anzepaken wat jiddereen konnt droen an déi per Auto oder Camion aus deene verschiddene Gegende vum Land op d'Hollerecher Gare bruecht. Hei stung ~~dann~~ de sougenannten Ëmsiedlungswaggon woranner d'Ëmsiedler gesat gouwen. Dese Waggon ass dann engem normalen Zuch ugehaange ginn. Well d'Gestapo bei der Eisebunn desen Ëmsiedlerwaggon huet misse bestellen an och huet misse matdeelen ~~un~~ wéi en Zuch e gehaange gouw, konnten gutgesinnten Eisebunner des Informatiounen matkréien a se dann un d'Resistenz Organisatiounen weider ginn. Des konnten dann déi ugesinnen anzesiedelen Familjen den Dag virdrun prévenéieren, an sou war et méiglech dass wa muerges d'Gestapo komm ass fir d'Famill ze déportéieren d'Haus eidel war. Natierlech kum dann e grousst anert Problem op déi Familjen, wohinner, wou sech verstoppen a wien suergt fir den Ënnerhalt

mä eng Tatsach war, dass mannech Famill eso laanscht d'Ëmsiedlung kum ass.

Wéi mer scho gesot hun sin dei 21 éischt Famillјen mat 66 Persounen de 17te September 1942 no Däitschland déportéiert gin. Sie kummen op Leubus, Haut heescht et Lubiaz a gehéiert mëss zu Polen. Et war ëmmer éng kleeng Stiedchen mä hat e grousst a berümt Klooschter. Ohni wellen an dëser Sendung op d'Geschicht vun desem Klooschter anzegoen siew just festgehalen dass et vun 1800 un ëmmer méi verkomm ass a schliesslech ~~fir~~ e Pflege an Heilheim fir Bolleg Bis dei wéi den Hitler un d'Ruder kum, vergasst gouwen. Wéi dann dei éischt Letzebuerger do ukummen waren schon éng circa 100 slowenesch Famillјen do. Deene war et genau eso ergangen wéi de Letzebuerger, och sie waren aus hirer Heemecht eraus heihinne angesiedelt gin. Et war wirklech e grousst Konschtwierk mä séier séier verkomm. Wéi déi éischt Angesiedelt hei ukom si war et Nuecht. Sie hun also neischt vun dese Gebäilechkeeten am Barockestyl gesin. Vun der klenger Gare Leubus aus si sie duerch ~~dat~~ déi grousst Haptentrée an dat kalt an dutsollert Klooschter gedriwe gin. Fir dei éischt war dat äusserst deprimeierend. Fir dei nächst war et scho besser well sie ob der Gare vun hire Viergänger ofgeholl gouwen, an d'Lager gefouert a behölleflech installéiert gouwen. An der lescht Zeit war och schon an de Gebäilechkeeten geboz a gebefft gin. Iwregens war dat eng Haptbeschäftegung vun den Angesiedelten déi verschidden Räimlechkeeten wéinegstens e bessen wunnlech ze maachen D'Klooschter Leubus vun sénger Grëst hir war secher eent vun de gréisste Europes eso ongefeier wéi d'Schlass vu Versailles. Et waren also genügend Räim do fir gréisser Unzuelen vu Persounen opzehuelen. Des Räim were gewéinlech méi grouss wéi eis gewéinlech Wunnräim an dofir waren och ëmmer méi Famillјen an éngem Raum. Geschlof ass gin an 2 Stéckech Helzebrieder Better op Streesäck Als Decken stunge Perdsdecken zu Verfügung well an der leschter Zeit am Klooschter e Perdsgestüt war. Als Miwel en bësch e Schemelen oder éng Bänk. Als Schief d'Wermacht eisen Spinten. Gottseidank stung ~~dat~~ an all Raum e sogenannte Kachelouwen.

Mat deem konnten een Wanter an Hierscht d'Zemmeren wéinegstens e
besse gewiermt gin. Natierlech nemmen wa genügend Holz opgedriewen oder gehamstert
konnt gin.

Esoweit vun desem éischten Deel iwert d'Ausiedlung vum Allgemengen.

---

Am éischten Deel hu mir iwert d'Ausiedlung am Allgemenge geschwat, nei losse mer
elo emol kucken wéi des Deportatioun fir déi Diddelénger Familjen ausgesin huet.
Mir hate scho gesot dass gleich bei dem éischten Transport och Diddelénger derbei waren. Et
waren dat d'Famill Formann's Jängi mat 4 Persounen. - den Hames Jos mat 4 -
d'Famill Marnach Jean mat 3 Persounen - d'Famill Wirtz Mathias de Gardirekter mat
4 Persounen an d'Famill Schossler Arthur mat 3 Persounen. Ouni elo emol direkt ze kucken
a wat fir Lageren déi Diddelénger komm sin a wéini, emol gesamtzuelen
Et waren am ganzen ~~20~~ 27 Diddelénger Familjen an 3 eenzel Persounen dat waren zesummen 101 Persounen déi ~~déi eenzel waren~~ verschleeft waren.
den Kneip Willy - de Jedgen Camille an den Hartzen Albert.
Am allgemengen ass ze bemierken dass déi méischt Emgesiedelt an méi Lagere waren.
Virwat dat Plennereien wie waren Lager an en anert? Et ware verschidden Ursaachen an ot vu Lager zu Lager
verschidden. Dofir kenne mer des Ursaachen am Kader vu desen Erinnerungen net ennersichen.
Wo déi Diddelénger waren, welle mir an dat later wat am 2te Band vun der Diddelénger
Chronik steet.
Wéi gesot déi éischt Diddelénger waren bei deen éischten Emgesiedelten a kumme op Leubus.
De 25 Juni 1943 goufen déi 5 nächst Diddelénger Familjen emgesiedelt. Et waren
d'Famill Grégoire Marguerite mat 3 Persounen - d'Lehnen Madeleine mat 3 Persounen.
d'Famill Raach Jacques mat 8 Persounen - de Weber Albert mat 3 Persounen an
de Wehr Pierre mat 4 Persounen. Sie kummen op Schlauphof. Hei war e
Cistercienne Klouschter. Déi éischt kummen den 23 Juni 1943 dohinner an den
19te Januar gouf de Camp opgeléist. D'Efaltéiert kummen ob Boberstein oder an
Camp'en vu Wallisfurth a Warthe. D'Kanner vun den Emgesiedelten hu missen bis an

Duerf Weinberg zu Fouss goen. Dat war ongeféier e Mensch vun enger Stonn. ~~[illegible]~~
Am Wanter vill méi schlemm wei am Summer, well et keng richteg a gud Schong an a Schlesien luch Schnee. D'Schlesier kanner si' mat hinne gaangen an hei hun dei Lëtzebuerger fir d'éischt gesin dass een och barfouss kann an d'Schoul goen. an net nemmen op ganz fondronéierte Strossen... déi sin et hei keng gin.

Dei nächst dei Ofdeelung hu misse verloossen waren d'Famill Brisdorff Jean mat 7 Personnen Heutzen Albert elleng an d'Famill Weales Suzette mat 3 Personnen. Si kummen den 21. Septembre 1943 an de Camp vu Wartha. Och hei war et e ~~Klooschter~~ Klooschter an zwar och e Rédemptoriste Klooschter an engem Stiedchen vun ronn 1800 ~~[illegible]~~ Awunner.

Vum 1.te September 1943 bis den 8 Mee 1945 sin hei eng 600 Lëtzebuerger passéiert. Vun desem Camp gett gezielt dass de Lagerführer eng bessonesch Bestie war, mat engem genau eso grausamen Hond. Ausserdem war dese Camp e Strofcamp an dofir hat hien am Keller e Bunker agericht worannner jiddereen agespaart huet deen net gefollegt huet. An enner "net gefollegt" ass gefall wann een net mat "Heil Hitler" laanscht e Bild vum Führer gaangen ass.

Zu Mittelsteine war e Jesuite Klooschter och an e Camp fir Eenseidler emfonktionnéiert gin. Hei waren vum 26 Abrel 1943 bis de 6. Dezember 441 Lëtzebuerger passéiert. Si ware mat 9 Convoi'en dohinne bruecht gin an doerenner och 6 Ofdeelunger Famillen an de Jedgen Camille. Et waren d'Famillen Ewer Sebastian mat 4 Personnen - Jedgen Marcel mat 3 Personnen - Horn Pierre mat 7 Personnen - Weyrich Jean mat 3 Personnen - Wegener Ed zu zwé an de Perchon Camille zu 4.

Dei Meescht Internéiert hu missen d'Fabricken aus der Emgegend schaffe goen. Dat waren elektresch Centralen an Holz Industrien. Mä well an der Emgegend och vill Fabriken waren dei Kriegsmaterial produzéiert hun, hun d'Lëtzebuerger versicht dohinner ze kommen ~~an~~ fir eso/aus dem Eenseidler Camp ze kommen. De Camp ass schon am Dezember 1943 opgeléist gin an dei Eenseidler déi nach dra waren kumen ob Boberstein oder Hirschberg.

Zu Boberstein waren d'Famill Berchem Jean Pierre mat 4 Persounen an den Kneipe Will. Boberstein huet dei meischt Lëtzebuerger gesin. Et waren eng 2.000. Op Boberstein sin och Lëtzebuerger kom dei fir d'éischt zu Leubus waren. Boberstein war virun den Umsiedler ~~als~~ en Ausbildungscamp fir d'Hitler Jugend. Den 20 Januar 1943 ass e grosse Convoi vu 510 Persounen vu Leubus aus ukom. D'Verf wobei Boberstein luch huet Schildau geheescht. Hei war och d'Gare a vun hei aus hun dei 510 Lëtzebuerger bei eiseger Januar Keelt zu Fous an Lager goen. Vill Zemmeren ziemlech grouss waren hun 20 an ~~me~~ oft mei Persounen hei misse wunnen. Wat besonnesch messech hei waren, waren d'Läis, Wanzen a Kaquelecken. Heierobber huet individuell Juecht misse gemach gin ér ee sech an dei eise Better, 3 iwwert eneen sech geluecht en gin. Gottseidank ass geschwenn Hollef vu Lëtzebuerg kom mat eigem solidem Insecticide.

Eng Deddelenger Famill déi awer och gud meischt mat de Preise wollt gedungen hun oder besser gesot de Papp war de Sivering Churel. ~~Chef~~ Ingenieur a Chef vum Stollwierk ~~bei~~ der Arbed, wollt hien sech och emol net vu sengem General Direkter commandéiere lassen fir d'Preisen ze schaffen. Kuerz verléisst hien d'Arbed ~~an zitt sech~~ an Diddeleng; zitt sech op d'Land zeréck a gett bei de Bauer schaffen. Mä ah hei fend den Ortsgruppeleiter Schauwes hien a léisst en umsiedlen. Mat senger Famill 4 Persounen lande se am Lager Wallisfurth. D'Wallisfurth war eng Propriétéit dei der jiddescher Famill Sternberg gehéiert huet. Sie gouw an en Interneiempfangslager fir Umgesiedelt ungebaut. En immense Brauerei betrieb huet zu desem Lager gehéiert. Déi meischt Fraen a Meedercher déi hei waren hun an den ~~aarpesch~~ Bieder geschafft; wéi zu Bad Altheide oder Bad Reinerz oder Bad Kudowa: am Stod oder och a Geschäfter.

Zwou Deddelenger Famljen waren zu Trebnitz. Et waren d' Famille Hammes Nic mat 3 Persounen an de Kiewel Pierre och mat 3 Persounen. Zu Trebnitz waren eigentlech 3 Camps. 2 dei aus Holz Baracken bestanen hun an een de

Casino. Mir hate ~~sch~~ ugangs deser Sendung gesot dass vill Familljen oder Persounen an verschidden Emsiedlungslageren waren. Esu sin z.B. d'Lageren déi méi no un der Westfront leien, wéi z.B. am Hunnsreck Hirstein, ~~ouch~~ an d'Innere kenner ~~méi~~ weider vun kommen ewechnéieren ginn wou d'Leit d'Lageren a Polen a Schleesien verbruecht ginn. Esu goung dann och Trebnitz iwerfällt an d'allgemeng Situatioun mat déi schlechst.

Eng 5 km vun Trebnitz ewech war d'Lager Jeschütz. Dest Lager war net mat deenen aneren Lageren ze vergleichen mä et war direkt e Strofflager. Et war e Juedenhetzer wat engem preisesche Junker gehéiert huet. Hei kome sin Emsiedler kom ~~do~~ mat deenen de Lagerführer aus anere Camp'en net eens gouf an sa dofir als Strof hei hinne verschleeft gouf. Mä et waren awer och Persounen hei déi direkt vun der Gestapo Lëtzebuerg hei hinner geschéckt gouwen. D'Liewen war hei ganz hart an zudeem éng Bestie vu Lagerführer mat engem grousse scharfen Hond. Séng gréisste Freed war d'Leit ze schikanéieren op all méiglech an onmënschlech Manéieren. Esoguer vun hei aus huet hien et nach fäerdeg bruecht Persounen an e KZ ze schécken. Gottseidank hat nëmmen een Diddelenger dest Strofflager kenne geléiert. Et war den Alex Gengler.

Am schon zitéierten Hunnsreck gouwen et 4 Emsiedler-Lager. Et waren dat Ruwer Metzehausen, Hirstein an Hofelden. An dat lescht genannte Lager koumen eréischt vu Juni 1944 un Lëtzebuerger. Et ware méischtens Familjen vu Refraktären aus der Minettgegend. Hei waren den Här an d'Madame Becker Georges – Herges Nic zu zwee – a Kneip Pierre mat 3 Persounen. Schon den 7 sept 44 ass dese Camp opgeléist ginn well d'Kriichsfront ze no kum. D'Insassen koumen op Hirstein vu wou et dann a Schleesie gung.

Et war dat nëmmen éng ganz kuerz Erzielung iwert d'Emsiedlung. Mä wat der Leit alles erdroen hu missen, ass net ze beschreiwen a besonnesch a ~~Lager~~ Camp'en vu Lagerféier de schlëmmste Bestie waren